Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Ech wollt eppes soen zur Prozedur vun der Interpellatioun, wann dat méiglech ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wann ech gutt ënnerriicht sinn a meng Mémoire net défaillante ass, da war et bis elo esou bei den Interpellatiounen, dass fir d'éischt den Interpellant dru komm ass, duerno de Minister an dann ass et de Fraktiounen no gaangen.

Mir sinn awer amgaang an der Commission du Règlement de System ze changéieren. Dat heescht, fir d'éischt den Interpellant an dann de Fraktiounen no an zum Schluss de Minister.

No menge Kenntnisser ass den Här Minister Boden d'accord esou ze verfueren. Dat heescht also, mir brauchen nëmmen nach den Accord vum Interpellant. Bei deem changéiert jo näischt, vu dass e jo souwisou als éischten dru kënnt, sou dass ech mengen, dass den Här Henckes och kënnt d'accord sinn. A wann dann alleguer d'Fraktiounen d'accord sinn - wat mer awer nach net approuvéiert hunn hei an der Chamber - fir op dee Wee ze goen, wou mer alleguer wëlle goen, da kënnte mer haut schon esou verfueren. Dat heescht, den Interpellant, d'Fraktiounen: d'CSV, d'Sozialisten, d'DP an dann déi Gréng oder den ADR, den Här Hoffmann an dann duerno de Minister.

Dat ass déi Propositioun, déi ech wollt maachen. Wann Der domadder d'accord sidd, da géinge mer haut schon esou bei dëser Interpellatioun verfueren.

M. le Président.- Si mer mat där Propositioun Rippinger averstanen?

(Assentiment)

Da verfuere mer also déi éischte Kéier no deem System.

Den Interpellant, den Här Jacques-Yves Henckes, huet d'Wuert.

6. Interpellation de M. Jacques-Yves Henckes au sujet des classes moyennes

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR), interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Fir d'éischt wëll ech soen, dass ech bien entendu mat der Propositioun d'accord sinn, wéi se hei vum Här Rippinger gemaach ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. An de leschte Regierungserklärunge stong ëmmer e grousst Kapitel iwwer dat wat déi jeeweileg Regierung alles wëllt fir de Mëttelstand maachen.

Wann een dann um Enn vun der Legislatur de Bilan gezunn huet, da wousst een, dass näischt oder net vill geschitt war an dass déi nächst Regierungserklärung nees mam selwechte Programm géing optrompen.

Och dës Kéier ass et net anescht. D'Regierungserklärung iwwerhëlt, ofgesi vun e puer zousätzleche Propositiounen, dee Programm, deen déi viregt Koalitioun wuel ugaange war, mä net ganz realiséiert huet.

Ech wëll net verkennen, datt Steierreduzéierungen an der viregter Legislatur virgeholl goufen, mä déi ware bedéngt fir de Banken ze hëllefen.

D'Confédération des Classes moyennes stellt an hirem Positiounspobeier fest: "Der Mittelstand erkennt all diese Verbesserungen an, will jedoch bemerken, dass das globale Umfeld nicht betriebsförderlich ist".

Am Ministère des Classes moyennes selwer ass wéineg geschitt ënnert der viregter Koalitioun. Et schéngt engem esou, wéi wann an deem Ministère bis elo prioritär aner Bréidercher gebak goufe wéi déi, fir déi de Ministère eigentlech do ass.

Vill Leit aus dem Mëttelstand mengen esouguer, hei am Land wier de Mëttelstandsminister mam Ministre aux Affaires maritimes identesch, well e permanent op Tauchstatioun ass.

Mir erwaarden ons vum Mëttelstandsminister an Zukunft méi en effektiven Engagement.

Mat dëser Interpellatioun wëllt den ADR bewierken, datt déi nei Regierung endlech eng konsequent a voluntaristesch Politik fir de Mëttelstand ugeet. Mir wëllen an dëser Interpellatioun der Regierung soe wat fir eng Reformen noutwendeg si fir de Kleng- a Mëttelbetriber, de Kommerssanten, Handwierker, Fräiberuffler ze erlaben, och an Zukunft nach déi wichteg Roll fir ons Ekonomie ze spillen, déi se haut spillt.

Mir wëlle bei dëser Geleeënheet och op de Regierungsprogramm agoen a soe wat mir begréissen a bereet sinn ze droen, wann am Detail alles an der Rei ass.

Mir wëllen der Regierung awer och duerch dës Interpellatioun matdeelen, datt den ADR konsequent d'Regierung dorunner erënnere wäert, datt Handlungsbedarf besteet, datt d'Regierung dréngend aktiv muss ginn.

Mir wëllen dës Regierung dozou bréngen eng Offensiv fir de Mëttelstand unzegoen. Wann ech Regierung soen, da mengen ech domat net nuren de Mëttelstandsminister, mä och de Finanzminister, de Wirtschaftsminister, den Erzéiungsminister an de Justizminister, fir nuren déi ze nennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Mëttelstand, dat sinn haut ronn eng 13.400 Kleng- a Mëttelbetriber aus de Secteure vun Handel, Handwierk an Tourismus. Mä et sinn och eng 3.096 Indépendants a Fräiberuffler wéi Affekoten, Dokteren, Architekten, Réviseuren. Déi zwee Secteure beschäftegen zesumme 95.000 Leit. Dës BSetriber an Indépendants droen zu 40%